



Groupe parlementaire

N°6591
Entrée le 02.08.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.08.2022

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här
Ekonomieminister an den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

De 26. Juli huet de CEO vu Luxport um Radio 100Komma7 en Interview ginn, an deem hien
ënner anerem op d'Optiméierungspotenzial bei der Zesummenaarbecht mat der CFL agaangen
ass. No der Duerstellung vum besote Verantwortlechen verhält et sech sou, datt de Mäerterter
Hafen aktuell dacks vun eidele Gidderzich vun der CFL ugefuer, respektiv verlooss gëtt.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Regierung dës Aussoe bestätegen? Falls jo, kann d'Regierung dann
erklären, wéi si déi feelend Auslaaschtung begrënnt a wéi sech dës mat eis
aktueller Klima- an Energiepolitik verdréit?
- 2) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi dokumentéiert, wéi vill Zich vun
der CFL de Mäerterter Hafen an de Joren 2013-2021 duerchschnëttlech pro Dag
ugefuer hunn a wéi vill der op der Hifaart eidel waren, wéi vill op der Réckfaart a
wéi vill der voll ausgelaascht waren?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten



Gemeinsam Äntwert vum Här Franz Fayot, Wirtschaftsminister, a vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 6591 vum 2 August 2022 vum Här Deputéierte Jeff Engelen iwwer d'Zesummenaarbecht vum Grupp Luxport an der CFL

Zur Fro 1:

Iwwert hier Duechtergesellschaft CFL cargo bedreift d'CFL reegelméisseg konventionell Gidderzich mat Départ oder mat der Destinatioun vum Mäerterter Hafén.

CFL cargo huet, wéi all Firma am Privatsektor, d'Zil, hir Operatiounen ze optiméieren an ënnerhält dofir eng enk Bezéiung zu hire Clienten. Déi eenzeg Aschränkung dobäi ass, datt d'Bedierfnesser vun de Clienten, wourënner och den Ursprung an d'Destinatioun vun de Fluxen, de Volumen esou wéi d'Typologie vun de Produite falen, respektéiert musse ginn, an datt déi Ressourcen déi fir den Transport vun de betraffene Wuere benéidegt ginn, bereetgestallt musse ginn. Et gi verschidden Zorte vu Gidderween, déi fir den Transport vun ënnerschiddleche Produite geduecht sinn. Als Beispill besteet de West-Ost-Flux a Richtung Mäertert aus halleffäerdege Produiten, déi op flaache Ween transportéiert ginn, währenddem den Ost-West-Flux mat Départ Mäertert haaptsächlech aus Schrott besteet, deen an oppene Gidderween transportéiert gëtt. Eng gewësse Flexibilitéit a Villsäitegkeet ass denkbar an erwünscht, mee leider net ëmmer méiglech. Dat selwecht gëllt fiert d'Fuerpläng vun den Zich.

Och wann eng stänneg Verbesserung vun de lëtzebuergesche Logistik-Déngschtleeschter, besonnesch vun deene mat enger ëffentlecher Bedeelegung, gefrot an erwaart gëtt, stëmmt et net datt d'CFL géing onnéideg eidel Gidderzich zéien.

Zur Fro 2:

Dës Zich ginn ënner kommerzielle Kontrakter tëscht CFL cargo an hire Clientë bedriwwen. Di gefrotene Zuelen sinn deemno kommerziell Donnéeën déi net dozou bestëmmt sinn ëffentlech zougänglech gemaach ze ginn.

Luxembourg, le 22/09/2022

Le ministre de l'Économie

(s.) Franz Fayot